Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

## N° 347 Haartmount/ Spiirkel 2014
## janvier/février



Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000

Chefredakteren: Patrick JÉNIN a Marc JENTGES
Verantwortlech vir den Drock an d'Verschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
http://www.lionsbleus.lu




Lies d'Wandrous da bass De ëmmer up to date!!!

# Les amis des Lions Bleus
Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

Saluti a tutti,

fir d'éischt wënschen ech iech all ee schéint neit Joer, eng gutt Gesondheet an Zäit fir déi Leit an déi Saachen, déi iech wichteg sinn an iech gutt doen. Vill méi brauche mer net an et ass wichteg, datt mer zefridde sinn mat deem, wat ass. Wéi kënne mer zu eiser eegener Zefriddenheet bäidroen? Ech denken, datt mer e puer Saache solle berücksichtegen. Éischtens solle mer Wënsch net mat Erwaardunge verwiesselen. Erwaardunge maachen et nämlech mi schwéier, fir glécklech ze sinn, well wa se sech net erfëllen, da si mer net frou. Wa se sech awer erfëllen, da gi mer se op an ersetze se duerch neier, méi grousser bis mer bei déi kommen, déi net kënnen erfëllt gin. Dat ass een negative Krees. Wa mer par contre eppes wënschen, wa mer vun eppes dreemen, dat kann eis zum Handele bewegen an eis d'Welt opmaachen. Zweetens denken ech, datt Zefriddenheet a Gléck och domat zesummenhänken, op mer eisem Liewen ee Sënn kënne ginn. An ech denken, datt dee bénévolen Asaz am Dingscht vun aneren esou eng sënnstëftend Tätegkeet ass.

Genee esou ee sënnvollen Asaz leeschten d'Scouten an ech wëll op däser Plaatz un all déi denken, déi aneren hir Zäit an Energie schenken an hinnen ee grousse MERCI ausschwätzen. Sief et datt se direkt mat Kanner schaffen, hinne Saache fir d'Liewe bäibréngen, mat hinne spillen, hinnen nolauschteren, fir se do sinn, ... oder op et am Hannergronn ass an den Home ënnerhalen oder de Grupp an iergend enger Form ënnerstëtzen. An dat scho geschwënn zanter 100 Joer. Jo, dat huet sécher jidderee scho matkritt, datt d'Lions Bleus vu Bouneweg 2014 hiren 100. Gebuertsdag feieren. Dofir gëllt de Merci vu virdrun net just deenen, déi sech am vergaangene Joer engagéiert hunn, ma och fir déi vill, déi zanter 1914 am Asaz vun anere waren als Scoute vu Bouneweg. 100 Joer ass eng laang Zäit an de Grupp kann houfreg sin! Dofir wëll ech mat Zouversiicht an Zukunft kucken an all eise Membere vill Freed an hirem Engagement wënschen! All Guddes also net nëmme fir 2014, ma och fir di Joren dono!

Racoon indécis

# Schlittschong-Sortie: fir BV & LX

## Hues du Loscht mat eis d'Schlittschongspist onsëcher ze maachen?
## Iwwert d'Äis ze rutschen ewéi um Nordpol?
## Da mell dëch séier fir dës Sortie un!



**Wéini?** Samschtes, den 18.01.2014.

**Start?** um 10:30 bei der Barrière um Parking vun der Kockelscheier.
**Finish?** um 14:00 bei der Barrière um Parking vun der Kockelscheier.

**Wat brauch ech?** Waarm Kleeder, Schaal/Mutz/Händschen, **Pic-Nic** a Schlittschong (wanns de eegener hues)

**Präis?** **8 Euro**, sinn deen Daag mat ze bréngen.
fir Entrée, Locatioun, an evtl.Snack bei der Patinoire :)

**Déng Beaver&Wëllefcherscheffen :)**



**Heimat erlaaben ech ................................ mèngem Kand dem ............................................... den 18.Januar 2014 mat Schlittschong fueren ze goën.**

**Ënnerschrëft ....................................**

# Explorer-Sportsdaag






**Léif Explorer, léif Exploretten,**
**Paakt är Sportstäsch an dann vive an d'Staad !**



No engem Joër steet den Explorer-Sportsdaag, wou déi verschidden Unitéiten aus dem ganzen Land hieren Teamgeescht an hier Kämpfernatur kënnen ënner Beweis stellen, erëm virun der Diir !




**Weini:** 12.Januar 2014 vun 09h30 – 17h00

**Rendez-Vous:** Zu Steesel am Hall Omnisport an der rue des Vergers.

**Waat muss du matbrèngen:**
- Pique-Nique
- Sportstenue - Turnschong, Sportsbox an Team T-Shirt
- Duschsaachen

**Präiss:** Den Sportsdaag ass **5€**
Waasser an Uebst kritt dir sur place gestallt !

**Souche:** Ass bis den 11.Januar 2014 bei déngem Chef oofzeginn.

Lénks Patt,
Äer Explorer-Ekipp

---

Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech ..................................................
erlaaben mengem Explorer

..................................................
um Sportsdaag den 12.Januar 2014 deelzehuelen.

..................................................
Ënnerschrëft vun den Elteren



# JOHONNERTSMARSCH vun der FNEL: fir SG

100 fnel ANS de Scoutisme au Luxembourg — Live it Love it Scout it 2014 — Joerhonnertsmarsch 19.01.2014

**Salut Scouten,**

**D'lescht Joër hu dir mat ären Orientatiounskenntnisser dem Indiana Jones gehollef säin Schatz erëm ze fannen. Dëst Joër kënn der är Orientériungs-kenntniser, ären Patrullengeescht an är Scoutstechniken um Joerhonnerts-marsch am Bambësch ënner Beweis stellen.**

**Wéini?** Sonndes, den 19.Januar 2014.

**RDV?** Den 19.Januar 2014 um 9:00 Auer op der Gare de Luxembourg.
**Retour?** Den 19.Januar 2014 um 16:45 Auer op der Gare de Luxembourg.

**Präiss?** **8.- €**, sinn bis den **1.01.2014** op den Konto vun den Lions Bleus a.s.b.l.-Troupe (CCPL IBAN LU10 1111 7017 3032 0000) ze iwwerweisen, mat der Mentioun: Johonnertsmarsch FNEL & Numm vum Participant.

**Umeldung?** **Souche** ass bis spéitstens den **5.01.2014** bei dèngen Cheffen oofzeginn! Mir wieren frou wann's du nët mat kanns goën,eis och bescheed gèifs soën:)

**Material ?** dem Wieder ungepassten Kleeder (mir sinn den ganzen Daag dobaussen), fest Schung, Gamelle & Kichenduch, Bidon, Scoutsbichelchen, Orientèirungsgeschier, Jumboskaart oder 1 Daagesbilljet...
+ pro Patrull: 1 Schungkëscht, 1. Hëlleftrousse

**Bescht Scoutsgréiss**
**Dèng Cheffen**

---

100 fnel ANS de Scoutisme au Luxembourg — Live it Love it Scout it 2014 — Joerhonnertsmarsch 19.01.2014

Heimat erlaaben ech ........................................................................ mèngem Scout / mènger Guide ........................................................................ um Johonnertsmarsch den 19.01.2014 deen vun der FNEL organisèiert gët mat ze goën, an iwwerweisen dèi 8€ mat Zäiten.

**Datum & Ënnerschrëft vum Responsablen:** ........................................................................

# Assemblée générale LBB fir jiddereen



Mir lueden all ons Memberen (Scouten/Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen&Pappen), Frënn, Bekannten souwéi les "Amis des Lions Bleus" härzlech an op ons

# Assemblée Générale 2014

**vun der a.s.b.l. Les Lions Bleus Bonnevoie**
**déi Freidesowes, den 31.Januar 2014**
am Home vun den Lions Bleus,
op 61 rue de Pulvermühl,
ofgehale gët.

## Ufank ass pénktlech um 19:30 Auer

Wéi all Joër freeë mir ons iwert Är Präsenz an wärten ons och all Méih ginn, dës AG sou interessant ewéi méiglech ze gestalten.

**Programm**
1) Begréissung an Usproch vum Här Président
2) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
3) Rapport vum Här Caissier
4) Viirstellung vum Budget 2014 - 2015
5) Rapport vun deenen Dammen an Hären Caissen-Revisoren
6) Bestëmmung vun den Caissen-Revisoren fir d'Joër 2014 - 2015
7) Rapport vun den Ackivitéiten vum Scoutsjoër 2013
8) Erneierung vum Conseil d'Administration
9) Verschiddenes an Gemëschtes

No der Assemblée Gönörale huët den Conseil d'Administration den Plëséier lech op en Pättchen an eng kleng Stärkung anzelueden. Heibäi ergëtt sëch och nach d'Méiglechkét fir ze pooteren an Informatiounen auszetauschen.

*** All déi Aktif Memberen sinn gebieden an kompletter Wanteruniform ze kommen!**

# Summercamp TOGETHER: fir LX/SG/EX/RO

fnel 100

together 2014
creating a better world
LUXEMBOURG - CENTENARY SCOUT CAMP

## together 2014

Mir d'Lions Bleus hun eis entscheed um internationalen JohonnertSummercamp vun der FNEL deelzehuelen....

**Dësen därfs DU op keen Fall verpassen!!!**

well ët wärt fir jiddereen en emolegen & onvergiesslechen Camp hei am Land ginn, vun deem mer nach Joren driwwer wärten verzielen...

**Wou, wéini & fir wien?**
Lëtzebuerg-Kirchbierg
20/07/2014 --> Beaver (1 Daag)
17-20/07/2014 --> Wëllefcher (4 Deeg)
17-26/07/2014 --> Scouten/Explorer/Rover (10 Deeg)

**Präiss?**
Wëllefcher (fir 4 Deeg) --> 120Euro (Acompte 1 = 20Euro)
Scouten/Explorer/Rover (fir 10Deeg) --> 300Euro (Acompte 1 = 50Euro)

MELL DËCH séier un! D'Plaatze si gezielt.

**Unmelldung?**
Du bass nach nët ungemellt? Dann gët ët héisch Zäit :)

**Wèi ?** Ganz einfach! Fëll déng Souche aus der 1.Campzeitung ‚POST-IT' aus, an dann gëss/schécks du dës wgl. schnellstméiglechst dem Atra :)
Du bass rèischt ungemellt wann mir dèi Souchen un d'Fnel weidergeleed hun, dofir gëff Gaz...

**Weider Informatiounen?**
POST-IT'01 November 2013 vun der FNEL
*(falls du keen Post-it per Post kruut hues, muss du just beim Atra nofroën)*
oder op --> www.fnel.lu / www.facebook.com/together 2014

**----> together2014 -------- ELTERENVERSAMMLUNG -------- together2014 <----**

Elterenversammlung fir den Summercamp ass:

**Samstes/Samedi** --> **1/02/2014** um/à **16:15** am/au **Home LBB**

**Obligatorësch** fir **JIDDEREEN** deen mat op den Camp matgeet oder nach nët sëcher ass. Op der Versammlung wëllen mir lerch all néideg Informatiounen zum Camp, an mir kënnen eben op all är Froën äntwerten.

**dèng CHEFFEN...**

# Souche Techuana 2014 Techuana'14

## „Der Berg ruft"

**Jo ët ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.**
Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dech verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder en Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat héi genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

**Wien kann mat goën:** jiddereen deen bis den 01.09.2013 --> 14 Joer kruut huet !

**Rendez-vous:** Freidesowes, den **14.Februar 2014** um **18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Zerèck:** Sonndesmoies, den **23.Februar 2014** um **11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Präiss:** Mir maachen daat erëm wéi déi letzt Joër'en, mir splécken den Präiss op!
Daat heescht 350 Euros fir Transport, Iessen, Sauna an Schwammen...
Déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 175 Euros fir den Skipass bezuelen an fir déijeeneg déi nach Material mussen lounen, mussen nach 125 Euros dropleen.

**Am Kloertext elo:**
Basic-Pack (Programm, Transport, Iessen, Schwammen) --> bezuelen **350** Euros.
Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **525** Euros.
Basic-Pack, Skipass & Location Skimaterial --> bezuelen **650 Euros**

bis spéidstens den 31.01.2014 mat der Mention "Techuana 2014".
D'Geld ass ze iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer"

**Täschegeld:** dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Täschenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w...)

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass Mëttwochs den 11.Dezember 2013 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wéi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dèngen Pabéieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech ............................................ erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

.................................................................

mat um TECHUANA-Wantercamp 2014 deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei dèngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**



Ënnerschrëft ..........................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Explorer Raid

Salut Explorer,

sou ewéi d 'lescht Joer as och dest Joer nees en Raid, des Kéier verschleit et eis an de welle Westen.

**Wéini:** den 29. - 30. Maerz 2014

**Wou:** bei a ronderem Biekerech

**Preis:** 10€

Weider Info get et béi aeren Cheffen zur Zeit, bis dohin gesi mir eis um Sportsdag.

Aer Explorer Cheffen
Aer Explorer Ekipp





SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Ech ........................................ erlaaben mèngem Explorer,

..............................................................

mat um Explorer Raid 2014 deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 40 Lèit limitéiert !!!!!**

Ënnerschrëft ...........................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Summercamp TOGETHER: fir LX/SG/EX/RO

together 2014
creating a better world
LUXEMBOURG - CENTENARY SCOUT CAMP

## together 2014

ass een internationalen Camp fir Scouten aus ganz Europa. Dësen gët organiséiert vun der FNEL fir hier 100 Joër an fënnt 2014 um Kirchbierg zu Lëtzebuerg statt.
Eis Gäscht aus ganz Europa wärten zesummen mat lëtzbuergëschen Scouten, Explorer an Rover eist Land op eng ganz nei an spannend Art&Weis entdecken.

Bass du also elo gespaant, wéi en internationalen Camp soll ooflaafen, wéi sëch déi verschidden Kulturen verstinn an wéi Lëtzebuerg emol aanescht ausgesäit?

Dann därfs DU den together2014 op keen Fall verpassen!!!

**Wou & fir wien?**
Lëtzebuerg-Kirchbierg
Beaver (1Daag), Wëllefcher (4 Deeg), Scouten/Explorer/Rover (10 Deeg)

**Wéini?**
Beaver --> 20.07.2014
Wëllefcher --> 17.-20.07.2014
Scouten/Explorer/Rover --> 17.-26.07.2014

MELL DËCH séier un! D'Plaatze si gezielt.

**Präiss?**
Beaver --> ginn mer nach gewuer :)
Wëllefcher (fir 4 Deeg) --> 120 Euro
Scouten/Explorer/Rover (fir 10Deeg) --> 300Euro
Hei gi der an der nächster Wandrous gewuer waat deen 1.Acompte ass :)

**Unmelldung?**
per Souche! Dës gëss du wgl. schnellstméiglechst bei déngem Chef oof:)

**Weider Informatiounen?**
together-Flyer (letzt Wandrous) oder www.facebook.com/together 2014

**----> together2014 together2014 together2014 together2014 together2014 <----**

Heimat mellen ech ........................................ mäin Kand als Wëllefchen (fir den 17.-20.07.2014) ........................................ oder als Scout/Explorer/Rover (fir den 17.-26.07-2014) ........................................ op den Summercamp ‚together2014' un, deen vun der FNEL organiséiert gët.

Datum&Ënnerschrëft vum Responsablen:........................................

together 2014
creating a better world

# Explorer Adventure Camp





München,

Südtirol

Adventure

Wessen

Spass a Sport



vum 12.04.2014
bis den
18.04.2014

**375€**

méi genau Détailler kommen nach no.

Wells du och esou en Adventure Camp erliefen ewéi démols an der Ardèche viru drei Joer, da bleift dir nach just eng Alternative, melld dech esou séier wéi méiglech bei dengem Chef un

bis dohin                d 'Explorer Ekipp

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Ech ........................................... erlaaben mèngem Explorer,

..............................................................

mat um Explorer Adventure Camp 2014 deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 40 Lèit limitéiert !!!!!**

Ënnerschrëft ...........................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Programm Beaver
## Den Beaver - Programm



## ALLES GUDDES AM NEIEN JOER !

Januar

03.-04. Chreschtcamp RDV. 14.00
11. Beaverversammlung 14.00 - 16.00
18. Schlittschongs-Sortie 10.30 - 14.00

Februar

01. Beaverversammlung 14.00 - 16.00
08. Beaverversammlung 14.00 - 16.00

März

01. Beaverversammlung 14.00 - 16.00
15. Beaverversammlung 14.00 - 16.00
29. Beaverversammlung 14.00 - 16.00

Abrell

05.-06.Beavercamp
[illegible] rve[illegible] 14.00 - 16.00





Beaverklack

Lena & Nora& Alizée & Maiti

# Programm MEUTE

## JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 11. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 18. | Schlittschong Sortie Kockelscheier | 14:00 - 16:00 |
| 25. | keng Versammlung | |

## FEBRUAR

| | | |
|---|---|---|
| 01. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 08. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 15. | Vakanz | |
| 22. | Vakanz | |

## MAERZ

| | | |
|---|---|---|
| 01. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 08. | keng Versammlung | |
| 15. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 22. | keng Versammlung | |
| 29. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |

## ABRELL

| | |
|---|---|
| 05. | Sixerdag |



**dèng WëllefchersCheffen**

Fennec, Breeze, Claude, Prunelle, Sophie, Michel

# Programm Scouten

## Programm SG

**JANUAR**

| | | |
|---|---|---|
| 03.-05. | GRUPPENKRËSCHTCAMP | |
| 11. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 18. | keng Versammlung | |
| 19. | JOHONNERTSMARSCH vun der FNEL | |
| 25. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

**FEBRUAR**

| | | |
|---|---|---|
| 01. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 08. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 14.-23. | TECHUANA | |



**MÄRZ**

| | | |
|---|---|---|
| 01. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| | Leadershipversammlung Justin & Felix | |
| 08. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| | Leadershipversammlung Aleksis & Harry | |
| 29. | keng Versammlung --> EX/RO Raid vun der FNEL | |

**ABRËLL**

| | | |
|---|---|---|
| 05. | keng Versammlung --> Ouschtervakanz | |
| 12.-14. | OUSCHTERCAMP | |
| 19. | keng Versammlung --> Ouschtervakanz | |
| 26. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

**MEE**

| | | |
|---|---|---|
| 03. | PATRULLENSORTIE Leadership (Aleksis & Harry) | |
| 10. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 17. | Truppenversammlung oder GruppenSortie | |
| 24. | PATRULLENSORTIE Leadership (Justin & Felix) | |
| 31. | Truppenversammlung, Prép.PC | 14:00-16:00 |



Atra/Tamia/Soa/Nicolas/Christophe/Mauro

# Programm Explorer EX - Programm



**Januar**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 03-05.01 | Gruppenkrëschtcamp | | |
| 12.01 | Explorersportsdach | | zu Stesel |
| 18.01 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**Febuar**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 01.02 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 14-23.02 | Techuana Wanter | | |

**März**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 08.03 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 22.03 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 29-30.03 | Explorer Rover Raid | | |

**Abrëll**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 14-19.04 | Explorercamp Sued-Tirol<br>oder zu Letzebuerg (a Voir ) | | |
| 26.04 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |





Fir d'Unitéit : Tameng/Grizzly/Laurent/Eric

# Sleeping Bags for the Streets

*a report for the World Organization of the Scout Movement*

## Unitéit Smilodon
Les Lions Bleus Bonnevoie
FNEL – LUXEMBOURG
Unité@lionsbleus.lu

II English Sleeping Bags for the Streets
III Français Sacs de Couchage pour la Rue
IV Deutsch Schlafsäcke für die Straße
V Lëtzebuergesch Schlofsäck fir d' Strooss

Please feel free to publish this report and / or contact us under Unité@lionsbleus.lu
The original report is available under this link: http://goo.gl/VAlxCs
Pictures: http://goo.gl/xM8q4a (indicate © Unitéit Smilodon)

Pitt Sietzen | Unité@lionsbleus.lu | www.lionsbleus.lu
Secrétaire Général | Unité Smilodon | Les Lions Bleus Bonnevoie | FNEL
I/V

Luxembourg, 7th December 2013

## Sleeping Bags for the Streets

In line with the "Unité Pilote" the highest distinction for scouts aged 15 to 18, eight young people got in touch with "Stëmm vun der Strooss" a Luxembourgish association which helps the homeless in our country.
During our first meeting, the volunteers told us about the living conditions of homeless women and men in Luxembourg. In fact, the homeless don't know what to do, don't look after themselves and are not aware of the fact that winter is coming in some weeks and that it's going to be very cold in the streets of Luxembourg City.
We suggested to collect sleeping bags and give them to the homeless. No sooner said than done, we ordered flyers and distributed them in our neighbourhood. We met twice a week in order to share our ideas and talk to the residents.
Then the day finally came, it was 30th November when we drove down the streets of our neighbourhood and collected the sleeping bags which the inhabitants had put out for us. In the meantime the other members of our unit were waiting for the people who gave us their donations and don't live in Bonnevoie.
Due to the residents of Bonnevoie and our friends, we collected forty sleeping bags for the people in need. We'll give those to them as quickly as possible so they can have a dry Christmas Eve.
On behalf of the "Lions Bleus" my local scout group, I want to thank those who donated their sleeping bags and helped us so much. It was a great experience.
For the unit "Smilodon", the Secretary General,
Pitt Sietzen

Pitt Sietzen | Unité@lionsbleus.lu | www.lionsbleus.lu
Secrétaire Général | Unité Smilodon | Les Lions Bleus Bonnevoie | FNEL
II/V

# Sleeping bags for the street

Luxembourg, le 7 décembre 2013

## Sacs de Couchage pour la Rue

Dans le cadre de l' "Unité Pilote", la plus haute distinction pour des scouts âgés de 15 à 18 ans, huit jeunes scouts on pris l'initiative et ont contacté l'association luxembourgeoise "Stëmm vun der Strooss" qui a pour but d'aider les personnes sans domicile fixe.
Lors de notre premier rendez-vous, les bénévoles de cette association nous ont parlé de l'état des sans abris au Luxembourg. Ce sont des personnes qui ont perdu le sens de la vie, ils ne se soignent pas eux-mêmes et ils ne se rendent pas compte que l'hiver arrive et qu'il fera très froid dans les rues de la ville du Luxembourg dans les prochains mois.
Nous avons fait la proposition de collecter des sacs de couchage pour les donner aux sans abris. Après cette décision nous avons fait imprimer des tracts et les avons distribués aux alentours de notre chalet de scouts. Pendant quelques semaines, nous nous sommes réunis au moins deux fois par semaine pour faire de la publicité pour notre action.
Le jour pour lequel nous avions fait autant de publicité était finalement venu. C'était le 30 décembre quand nous faisions le tour de Bonnevoie en voiture pour ramasser les sacs de couchage que les habitants de Bonnevoie avaient posés devant leurs maisons. Les autres membres de l'unité étaient désormais dans notre chalet pour accueilir les dons de ceux qui n'habitent pas à Bonnevoie.
Grâce aux habitants de Bonnevoie et nos amis, nous avons rassemblé quatorze sacs de couchage pour les personnes en besoin. Nous les distribuerons dans les meilleurs délais, afin de garantir aux sans abris un Noël au chaud. Pour moi et l'unité c'était une énorme expérience.
Au nom des Lions Bleus Bonnevoie, je remercie les habitants de Bonnevoie et nos amis qui
nous ont donné des sacs de couchage.
Pour l'unité Smilodon, le Secrétaire Général,
Pitt Sietzen
Pitt Sietzen | Unité@lionsbleus.lu | www.lionsbleus.lu
Secrétaire Général | Unité Smilodon | Les Lions Bleus Bonnevoie | FNEL III/V

Luxemburg, den 7. Dezember 2013

## Schlafsäcke für die Straße

Im Rahmen der "Unité Pilote", der höchsten Auszeichnung für Pfadfinder im Alter von 15 bis 18 Jahren, haben acht junge Pfadfinder die Initative ergriffen und mit einer luxemburgischen Organisation, der "Stëmm vun der Strooss" Kontakt aufgenommen.
Die freiwilligen Helfer haben uns während unseres ersten Gespräches von der Situation der Obdachlosen in Luxemburg erzählt. Diese haben nämlich ihren Lebenswillen verloren, wissen nicht welcher Tag ist, oder gar dass es in wenigen Wochen schneien wird - denn der Winter steht vor der Tür.
Wir haben ihnen vorgeschlagen alte Schlafsäcke einzusammeln, für die ihre jetzigen Besitzer keine Verwendung haben. Nachdem unser Entschluss feststand, haben wir uns sofort ans Werk gemacht und Flugblätter bestellt, die wir dann in den Straßen Bonnewegs verteilt haben. Dazu trafen wir uns im Laufe mehrerer Wochen mindestens zweimal pro Woche um diese an die Bewohner zu verteilen. Es waren kalte und dunkle Abende, aber wir freuten uns mit den Leuten über unser Projekt reden zu können.
Am 30. Dezember war es dann soweit. Diesen Tag hatten wir nämlich auf unseren Flugblättern angegeben, und hofften, dass einige Bewohner ihren Schlafsack vor die

Haustür gelegt hätten. Abwechselnd fuhren wir in der Umgegend unseres Vereinshauses herum und sammelten die Spenden ein.
Dank der Bewohner und unserer Freunde haben wir vierzig Schlafsäcke eingesammelt. Diese werden wir schnellstmöglich an die Bedürftigen verteilen, damit auch sie Heiligabend im Trockenen verbringen können.
Im Namen der Lions Bleus Bonnevoie bedanke ich mich für die Unterstützung der zahlreichen Spender.
Für die "Unitéit Smilodon", der Generalsekretär,
Pitt Sietzen
Pitt Sietzen | Unité@lionsbleus.lu | www.lionsbleus.lu
Secrétaire Général | Unité Smilodon | Les Lions Bleus Bonnevoie | FNEL

Lëtzebuerg, den 7. Dezember 2013

## Schlofsäck fir d'Strooss

Am Kader vun der "Unité Pilote", der héchster Scoutsauszeechnung vir Scouten vun 15 bis 18 Joer, hunn 8 jonk Scouten d'Initiative ergraff an Kontakt mat der Stëmm vun der Strooss opgeholl. De Plang war et Frënn, Famill an d'Ëffentlechkeet ze mobiliséieren fir dat se hir al Schlofsäck bäi eis ofginn, an dat mir se de Persounen ouni festen Wunnsëtz kennen ginn.
Eisen éischten RDV mat der Stëmm vun der Strooss war dann den 2. Oktober.
D'Mataarbechter hunn eis vun der Situatioun erzielt, an mir hunn hinnen eis Idee presentéiert.
Um éischten RDV goufen mir gewuer, wei dat sou mat den Obdachlosen zu Lëtzebuerg ass.
Et sinn Persounen, déi keng Perspektiv hunn an komplett den Liewenswëllen verluer hunn. Si vergiessen no sech selwer ze kucken, se denken och net sou wäit, dat lo den Wanter kennt an dat se näischt hunn fir sech anzedecken. Dowéinst sammelen mir al Schlofsäck, fir hinnen ze hëllefen.
Nodeems mir eis fir dës BA entscheed haten hu mir direkt domadden ugefaangen.
Als eicht hu mir Flyeren drécke gelooss déi mir dann un d'Bouneweger verdeelt hunn. Dofir hu mir eis mindestens zweemol d'Woch getraff. Mir hunn mat den Leit geschwat, an hinnen Flyeren ginn.
Endlech war et esou wäit. Den Dag, 30. November, deen mir op eisen Flyeren uginn haten, war endlech komm. Mir haten den Bouneweger proposéiert hiren alen Schlofsak virun d'Dir ze stellen, an sinn dann ofwiesselnd mat der Roulotte duerch Bouneweg gefuer fir d'Doen anzesammelen.
Mat der Hëllef vun den Bouneweger a vun eisen Frënn haten mir dann schlussendlech véierzeg Schlofsäck agesammelt. Déi wäerten mir natierlech sou séier ewéi méiglech un déi Bedierfteg verdeelen, dat och si un Hellegowend am dréchenen sinn.
Dofir wëll ech hei nach eemol, am Numm vun den Lions Bleus vu Bouneweg, deenen merci soen, déi eis ënnerstëtzt hunn.
Fir d'Unitéit Smilodon, den Generalsekretär,
Pitt Sietzen
Pitt Sietzen | Unité@lionsbleus.lu | www.lionsbleus.lu
Secrétaire Général | Unité Smilodon | Les Lions Bleus Bonnevoie | FNEL

# De Kleeschen bei de LBB

Wéi all Joer hun ech mech zerguddst gefreet, fir bei iech an den Dall ze kommen an egal wéi vill Stress ech déi Zäit hun loossen ech mech gär vun iech iwerraschen. Ech muss soen, datt der dëst Joer extra schéi gesong hutt. Hutt der extra vill geprouwt oder hutt der professionell Sänger engagéiert? Ech ka mech erënneren, datt der schon zu méi Beaver a Wëllef wart, awer net, datt der esou schéi gesongen hutt. Datt der gutt Stëmmen hutt, hun ech dono och nach héieren, well eng Parti vun iech sin narwell lieweg Babbelkëschten :-). Ech hun är Biller och schon opgehaang a se maache mer mäin Atelier nach mi schéin.

Merci fir all är Presentatiounen, déi der virgedro hutt. Ech erënnere mech haut nach gutt, wéi viru laange Joren eng Kéier eng Patrull extra een Danz fir mech erfonnt hat.

Merci och fir alles, wat der mer gebak hutt. Ech hun all Zort Kichelcher geschmaacht an se waren excellent! Merci och vuméngen Engelcher, mat denen ech se gedeelt hun.

Ech weess jo net, wat der dono nach alles um Programm hat, mee ech weess, datt der iech ëmmer super selwer gemaachten Schocki an ee rise Boxemännchen kënnt schmaache loossen. Ech mengen, datt et iech och gutt geschmaacht huet, well mäin Houseker huet mer erzielt, datt der bal 3 där rise Männercher verdréckt hutt. Ech fannen dat super, datt är Cheffen iech dat präparéieren an och mat iech deen Owend virbereeden. Och soss weess ech, datt der iwert dat ganzt Joer vill flott Aktivitéite vun äre Cheffe präparéiert kritt an ech wëll dofir och äre cheffe merci soen fir hire fräiwëllegen Asaatz. Ech denken, datt der zesumme vill Freed hutt a vill mateneen a vunenee léiert. An är Cheffe léieren och vill vun iech.

Ech freeë mech elo schon op dat nächst Joer an ech hoffen, ech gesin iech all gesond a monter erëm.

Lénks Patt oder wéi ee bei de Scoute seet.

Äre Kleeschen




# Rapport Kleeschen

Mir hun eis alleguer um 6 auer virum Home getraff. Dann hun mir alleguer also Beaver, Wëllefcher, Scouten an d`Explorer versicht den Wichtelen hier Mutz eremzefannen. No langer sich hun mir se dann och fond an domader konnt dann och den Kleeschen kommen. Mir hun eis dann allerguer am groussen Sall instaleierd an mir hun dann gesongen fir dass den Kleeschen kennt. Hien ass dann och komm an nodem all Branche him eppes virgespillt, gesongen oder geback huet kruten mir Geschenker an mir kruten gesot wat mir Gudd an wat mir Schlecht am Joer gemach hun. Als den Kleeschen dann erem gangen ass hun mir Descher obgericht an hun dann allerguer zesummen den gudden Boxemänschen mat engem gudden schlock Schocki gies. Dueno hun mir alles ewechgeraumt an hun gebotzt. Dann um 9 auer ass all Mensch dann mat frouer Minn hem gangen.

Adrien Flammang
Chargé des rapports
Unité Smilodon
Lions Bleus Bonnevoie





# Rapport Roverweekend 7/8 Dez

Zu 2 Ekippe hu mer eis e Samschdeg op de Wee gemaach - di eng sin zu Mënsbech fortgaang an di aner vun der Gare vu Betzder. Bei eis si schon direkt d'Spekulatioune lassgaang wou et sollt higoen an de Joe war sécher, datt mer um Enn zu Zëtteg géifen iwernuechten.
Mir hun eis direkt op de Wee gemaach a vu datt den 2. Message zu Fluessweiler louch, hu mer anengems dem Chouch säi wertvollt Gefir sécher heem bruecht. Natiirlech hate mer ee schlecht Gewëswen dobäi :-). Mir hun dofir och gefaart, mir wire virum Message op deem 2. Posten. Mee neen, de Message louch schon do. Gutt datt den Tameng bei eis an der Ekipp war a mam Kompass eens gëtt, well soss séitze mer elo nach op deem 2. Posten ;-).
Vu datt mir gemengt haten, datt mir esou ee grousse Virsprong haten an och all Message séier fonnt hun, konnte mer net glewen, datt di aner Ekipp schon ukomm war nodeems mir knapps nom 3. Message rëm ënnerwee waren. Ech froë mech nach haut wéi si dat gemaach hun, ma vläit schwetzt aus mir och just deen, deen net verléiere kann :-). Ok, da félicitéieren ech där anerer Ekipp heimatt ganz offiziell ;-).

Mir haten am verwëllewte Keller eng schéin Zäit an hun eis ee klenge Maufel schmaache gelooss (vu datt ee jo ni ka wëssen, um wéi vill Auer een op esou engem Roverweekend ukënnt - besonnesch, wann de Grizzly den Organisator ass ;) ).

Alles in allem hate mer all Message séier fonnt an de Wee war ganz schéin an der Muselgéigend an heimat wëll ech dem Organisatiounsteam villmols merci soen fir dee schéine Weekend! Ech genéissen et ëmmer erëm mat Frënn ënnerwee ze sin a gemittlech mateneen ze poteren an ënnerwee e puer Aufgaben ze léisen an eis iwwerrasche loossen, wou mer owes ukommen.
Owes si mer zun zu Ohn ukomm a mir waren anscheinend di éischt Locatairen an deem neien Homer vun de Wuermer Scouten. D'Spaghettiszooss stoung schon op an och d'Waasser war prett vu datt d'Ekipp 1 jo scho laaaaang do war ;). Merci un iech all fir dee super Serviss ;).





# Rapport Roverweekend 7/8 Dez

Mir hun eis et och gutt schmaache gelooss an d'Stëmmung war wi ëmmer excellent. Ech perséinlech genéissen et, fir owes net allzespéit ukommen, fir méi Zäit zesummen beim an nom lessen an där lëschteger a frëndschaftlecher Ambiance ze hun. Ech hun all Mënsch versicht z'iwerzeegen, datt ech net méi schnaarchen an datt ech och andeem groussen Dortoir kéint schlofen. Fir datt di aner mech mat hirem Geschnaarchs net sollten drun hënneren, anzeschlofen, sin ech e bëssi éischter an d'Betti gaang a wéi de Rescht eropkomm ass, hun ech brav geschlof. Et schéngt wi wann ech dunn no 20 Sekonnen ugefaang hu mat schnaarchen ... ech halen dat fir eng Rumeur ;). Falls dat trotzdem sollt de Fall gewischt sin, entschëllegen ech mech bei denen,déi wéinst mir net konnte schlofen.

Deen aneren Dag moies hu mer nom Kaffi nach den Home gebotzt a sin op den Apéro gaang, ier mer bei Fluesweiler nach een Tour duerch de Bësch getrëppelt sin, fir beim Wäschbuer bei Bierg gegrillt hun. Ech mengen, et ka kee soen, datt en um Roverweekend je Honger gelidden huet, well jiddereen huet ëmmer zevill z'iessen derbäi an um Grill geet dat wi bei de Beaver wou et heescht "deelen deelen deelen"!

Den Ofschloss gëtt ëmmer vum Horaire vum Zuch beaflosst an dofir hu mer eis op eemol missten op de Wee maache fir op d'Gare. Natiirlech hu mer eis Grillplaatz ganz propper verlooss an alles agepak. No der chaîne des adieux ass dunn ee gelongene Roverweekend op en Enn gaang. Vun dëser Plaatz also nach eng Kéier merci fir d'Organisatioun an ech wënschen eis, datt dës Traditioun nach laang liewt.

Racoon



# Rapport: Explorer Chreschtcamp

En Samsden den Moien um 9:00 Auer hunn mer ons op der Gare centrale getraff , wou mer mam Trajet ugefaang hunn. Vun der Gare sinn mer dann mam Bus an den Norden gefuer, d`Wieder war net graad ideal , wouduerch mer vill missten duerch den Bulli gooen. Wei mer dann um Auer zu Colpach-Bas am Home ukomm waren hunn mer ons en besschen ausgerout. Owes gouf et Raclette ziessen an nom Spullen hunn mer dann den Film ``Inception`` gekuckt.

En Sonnden , nom Moiesiessen hunn mer den Home gebotzt an sinn doropshinn op Bouneweech an den Lions Bleus Home Mettesiessen gefuer. Vun do aus sinn mer dann op Saarbrecken an d´Erlebnisbad ``Calypso`` gefuer . Nodeems mer all Rutsch oft roofgerutscht waren , hunn mer dann eppes an der Schwemm eppes gedronk , woubai onsren Secretaire zimlech profiteiert huet andeems en fir naischt d´Rechter vun deemen aaneren wech gedronk huet. Mir sinn dono nach bis 18:15 an der Schwemm bliwwen , dann sinn mer op Saarbrecken eppes lesse gaang ier mer dann rem zereck op Bouneweech gefuer sinn.

Mika

# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

## LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

18/01/2014
08/02/2014
15/03/2014
26/04/2014
17/05/2014



EMYS

## NOWUES bei den bloën Lèiwen...

Daat klengt **Liz** huet den 2.November'13 am Hotel Mama & Pappa angecheckt, alias Ännchen & Patrick Ewen-Kaiffer.

Mir wënschen hinnen 3 eng gudd Gesondheet, nëmmen daat Bescht op hierem weideren Wee an der klenger Famill an freen eis schon wann ët an d'Beaver kënnt :) :) :)

!!! OPRUFF !!!
Denk drun Photoen eranzeginn
(egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten
LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.
Schéckt dës ganz einfach op
(foto@lionsbleus.lu)
oder gidd mer se direkt per
CD oder Stick...
TAHR



## LBB SECOND HAND

Hei kann jiddereen versichen sèng aal/nei Saachen un den Mann/Fra ze brèngen. Den Link fann dir op www.lionsbleus.lu

**Zweck:**

All Scout egal op jonk/aal huet emmer nach brauchbar Material, waat en op desem Wee engem vermaachen/verkaafen kann. Dofir post ganz schnell ärt ganzt Geschier fir dat der een Abfinder fannt :)

# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Nouv.Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50


JOURS d'Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!!!

## ALLGEMENG Datumer:

| | |
|---|---|
| 12/01/2014 | EX Sportsdaag |
| 19/01/2014 | SG Wanterlaaf |
| 01-02/02/2014 | SG/EX FormatiounsWeekend |
| 08-09/02/2014 | Tronc commun |
| 13/02/2014 | Réunioun semestrielle |
| 23-30/03/2014 | Bosses et Bobos |
| 05-08/03/2014 | Leadership Formationscamp |
| 05/04/2014 | LX Sixerdaag |
| 14-19/04/2014 | EX SüdtirolCamp |
| 26-27/04/2014 | Bosses et Bobos |

# Lions Bleus POST

Lions Bleus Post













MONTREAL









# LBB Post
## Grèiss un d'Lions Bleus






# Cotisatioun 2014
## Cotisation 2014

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer daat nächst fängt un (WOW)
Wéi all Joër ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sinn **25,00** Euros op den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen.
Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten hues

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen, den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nët oder ze spéit iwwerweisen, oder soss opwenneg juristësch Schrëtter ënnerhuelen, ass all Member gebieden séng Cotisatioun soubal ze iwwerweisen wéi dat d'Memberskaart ukënnt.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joër 2014 zou, ieren dat bezuelt ass.

Dofir ass ët elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët.
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)



# et schéngt

et schéngt

1) wéi wann zevill Käch de Brai oder hei de Schocki verdierwen.
2) wéi wann d'Lions Bleus an d'Zukunft plangen.
3) wéi wann LGS vu Wuermer et neit home hun.
4) wei wann eng Spaguettis Zoos och ubrennen kann.
5) wéi wann di Blo Leiwen d'Mousel onsecher gemaach hätten.
6) wéi wann d'Beaver eng Woch éier de Kleesche komm ass ganz ganz brav waren a guer keng Dommheete gemaach hunn.
7) wéi wann et eisen single Studenten op der Uni ganz gudd géif gefaalen.
8) wéi wann d'Beaver ganz opgereegt waren dass den Kleeschen do war.
9) wéi wann d'Beaver en Explorer Honger hätten.
10)wéi wann den Kleeschen eis Lidder ganz flott fonnt huet.
11)wéi wann den Comité vun den Bloen Léiwen richteg Gaas geng ginn.
12)wéi wann den Shirkan rem an d'Liewen geruff ginn wier.
13)wéi wann mir d'Joer 99 vun den LBB gleich oofschléissen.
14)wéi wann e grousse Bier d'Koordinaten verdréine geng.
15)wéi wann op der Toilette Ferrero Rocher ouni Verpackung géingen wuessen.
16)wéi wann de Maulef seng knaschteg Féiss wollt wäschen.
17)wéi wann d'Schlofsaackaktioun en vollen Erfolleg gewiecht waer.
18)Wéi wann d'Explorer nach ni esou en relaxen Camp gehaat hätten.
19)Wéi wann den Paradiesvillchen den Explorercamp net gut verdroen hätt.
20)Wéi wann sait laangem, Sylvester mol rem eppes am Home géif laafen.

# et schéngt net nëmmen

et schéngt net nëmmen

1) wei wann um Kleeschen de Schocki mam Salz verwiesselt gi wier
2) wéi wann Inscriptiounen vir an 4 Joër scho gemaach wieren.
3) wéi wann D'Rover vun den Lions Bleus dei eischt gewiescht waeren dei dran geschlof hı
4) wéi wann een dann awer schnell eng aner kachen kann.
5) wéi wann d'Scouten an d'Rover duerch d'Wengerten geschlach sin.
6) wéi wann verschidde Beaver Angscht gehat hunn eng Rutt vum Houseker ze kréien.
7) wéi wann se hieren Tiger aus dem Käfeg geloos hätten an elo erem op der Sich wieren.
8) wei wann se hir Zong virum Kleeschen oofgeschléckt hätten.
9) wéi wann hiere Moo awer dann ze kleng wier.
10) wéi wann hien nach nie sou laanger héieren hätt.
11) wei wann se bei der éischter BV-LX Versammlung richteg present woren.
12) wéi wann d'Dschungelbuchgeschicht mol rem eng kéier schéin erzielt ginn as.
13) wéi wann mir eis schon op eis 100 Joër Jubiläum freën.
14) wéi wann hien als éischt op de baam klëmmt éier hien iwwerhaapt mol beim Baam ukën
15) wéi wann keen se fir Krëschtdaag mathuelen wollt an och keen se geplanzt haat.
16) wéi wann en d'Been an de Buer gestach hätt.
17) wéi wann mir nëmmen nach op en Datum warden fir d'Schloofsäck ze iwerreeschen.
18) Wéi wann sie vun hiren Cheffen gut servéiert gin wieren.
19) Wéi wann hien d'Raclette wéinst Mogripp 2 mol gesin hätt.
20) Wéi wann mir Jidderengem e gudde Start an dat neit Joër wënschen.

# 3 Méintprogramm



## januar'14

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | **GruppenCamp** |
| **Sa** | 4 | **GruppenCamp** |
| So | 5 | **GruppenCamp** |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | Permanence |
| Do | 9 | |
| Fr | 10 | |
| **Sa** | 11 | Beaver/Wëllef/Troupe |
| So | 12 | **FNEL EX-Sportsdaag** |
| Me | 13 | Comité |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | Permanence |
| Do | 16 | |
| Fr | 17 | |
| **Sa** | 18 | **Sortie Beaver/Wëllef** Explorer |
| So | 19 | **FNEL SG-Johonnertsmarsch** |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | Permanence |
| Do | 23 | |
| Fr | 24 | |
| **Sa** | 25 | Troupe |
| So | 26 | |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | Permanence |
| Do | 30 | |
| Fr | 31 | **Assemblée générale LBB** |

## februar'14

| | | |
|---|---|---|
| **Sa** | 1 | Beaver/Wëllef/Troupe/Explorer **Together Elterenversammlung** |
| So | 2 | |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | Permanence |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | |
| **Sa** | 8 | **Beaver/Wëllef/Patrull** |
| So | 9 | |
| Me | 10 | Comité |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | Permanence |
| Do | 13 | |
| Fr | 14 | **TECHUANA** |
| **Sa** | 15 | **TECHUANA** |
| So | 16 | **TECHUANA** |
| Me | 17 | **TECHUANA** |
| Dë | 18 | **TECHUANA** |
| Më | 19 | **TECHUANA** |
| Do | 20 | **TECHUANA** |
| Fr | 21 | **TECHUANA** |
| **Sa** | 22 | **TECHUANA** Wandrouseinsendeschluss |
| So | 23 | **TECHUANA** |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | Permanence |
| Do | 27 | |
| Fr | 28 | Wandrousredaktionsschluss |


## märz'14

| | | |
|---|---|---|
| **Sa** | 1 | Beaver/Wëllef/Patrull |
| So | 2 | |
| Me | 3 | Comité c |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | Permanence |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | |
| **Sa** | 8 | Troupe/Explorer |
| So | 9 | |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | Permanence |
| Do | 13 | |
| Fr | 14 | |
| **Sa** | 15 | Beaver/Wëllef/Troupe |
| So | 16 | |
| Me | 17 | |
| Dë | 18 | |
| Më | 19 | Permanence |
| Do | 20 | |
| Fr | 21 | |
| **Sa** | 22 | Patrull/Explorer |
| So | 23 | |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | Permanence |
| Do | 27 | |
| Fr | 28 | |
| **Sa** | 29 | Beaver/Wëllef **FNEL EX-Raid** |
| So | 30 | **FNEL EX-Raid** |
| Me | 31 | Comité |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu

fnel scouts & guides






* THAT'S ALL FOLKS